N°4381
Entrée le 03.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden.

An hirer Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 1455 huet d'Madamm Ministesch ugefouert, datt eng Gemeng am Norde vum Land Interessi gewisen hätt, en Déierenasyl op hirem Territoire z'erméiglechen.

Gläichzäiteg gouf an der Vergaangenheet op de Manktem u Kapazitéiten an den Déierenasyler, besonnesch am Norde vum Land, higewisen.

An deem Kontext géinge mir der Madamm Ministesch follgend Froe stellen:

- Wat ass den aktuelle Stand vum Projet fir en Déierenasyl am Norde vum Land?
- Wéi eng Gemeng hat deemools hiert Interessi gewisen? Goufen zanterhier konkret Schrëtt ënnerholl? Falls jo, wéi eng?
- Ginn et Iwwerleeunge fir en Déierenasyl am Oste vum Land opzemaachen?
- Wéi vill Déieren hunn sech zum 1. Juni 2026 an den eenzelen Déierenasyler befonnt? Kann d'Regierung dës Zuelen no Asyl an no Déierenaart oplëschten?
- Gesäit d'Regierung aktuell e Risiko vu Kapazitéitsengpäss bei der Ënnerbréngung vu saiséierten oder ausgesaten Déieren? Falls jo, wéi wëll si deem entgéintwierken?

Mat déiwem Respekt

Claire Delcourt
Deputéier

Ben Streff
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

N°4381
Entrée le 28.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4381 vun den éierewäerten Deputéierten Claire Delcourt a Ben Streff**

1. **Wat ass den aktuelle Stand vum Projet fir en Déierenasyl am Norde vum Land?**

Verschidde Gemengen analyséieren aktuell déi néideg Viraussetzunge fir d'Schafung vun engem Déierenasyl am Norden, notamment wat méiglech Terrainen, organisatoresch Strukturen a juristesch Aspekter ugeet. De Landwirtschaftsministère begleet dës Reflexiounen an de Beräicher, déi a seng Kompetenz falen.

2. **Wéi eng Gemeng hat deemools hiert Interessi gewisen? Goufen zanterhier konkret Schrëtt ënnerholl? Falls jo, wéi eng?**

Well de Prozess nach am Gaangen ass, ass et net passend, datt de Landwirtschaftsministère, Nimm vu Gemengen ëffentlech mécht, ausser déi betraffe Gemengen decidéieren dat selwer. D'Aarbechte fir d'Machbarkeet an d'Organisatioun vun esou engem Projet ze evaluéieren, ginn awer weidergefouert.

3. **Ginn et Iwwerleeunge fir en Déierenasyl am Oste vum Land opzemaachen?**

An enger éischter Phas läit de Schwéierpunkt op der Schafung vun engem Déierenasyl am Norde vum Land. Dëst entsprécht engem identifizéierte Besoin, besonnesch am Hibléck op d'geographesch Distanz zu de bestoenden Déierenasyler. Onofhängeg dovun ass et denkbar, datt och an anere Regioune vum Land entspriechend Projeten entstoe kënnen, falls ee Projektträger déi néideg gesetzlech a praktesch Viraussetzungen erfëllt.

4. **Wéi vill Déieren hunn sech zum 1. Juni 2026 an den eenzelen Déierenasyler befonnt? Kann d'Regierung dës Zuelen no Asyl an no Déierenaart opleschten?**

| | |
|---|---|
| Gasperech: | 86 Hënn an 84 Kazen |
| Esch: | 12 Hënn an 9 Kazen |
| Schëffleng: | 7 Hënn an 32 Kazen |

Wat d'Déierenasyl zu Diddeleng betrëfft, leien eis momentan keng aktuell Zuele vir.

5. **Gesäit d'Regierung aktuell e Risiko vu Kapazitéitsengpäss bei der Ënnerbréngung vu saiséierten oder ausgesaten Déieren? Falls jo, wéi wëll si deem entgéintwierken?**

D'Ënnerbréngung vu saiséierten oder ausgesaten Déiere gëtt am Kader vun de gesetzleche Bestëmmungen assuréiert. Déi zoustänneg Autoritéiten iwwerwaachen d'Situatioun kontinuéierlech a stinn a reegelméissegem Austausch mat de concernéierten Acteuren, fir méiglech Erausfuerderungen ze identifizéieren an, wa néideg, passend Léisungen ze analyséieren. De Landwirtschaftsministère ass dobäi och am Dialog mat den anere betraffene Verwaltungen an Institutiounen.

Lëtzebuerg, den 28. Juli 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau